

Een Alldag ouni Filter

AUTISMUS Afloss vum direkten Ëmfeld op d'Sensibilitéit vu concernéierte Persounen

Jodie Schmit (FAL)



Stellt lech vir, Dir trëppelt duerch eng Foussgängerzon. Hei huet alles en Afloss op lech, all minimaalt Geräisch oder och all eenzelen Doft, all klengsten Detail, deen anerer kaum wouerhuelen, prasselt onefiltert op lech an. Genee dat ass dem Maria, eng asperger-autistesche Schülerin, seng Realitéit, an dat hëlt him all seng Energie.

All Persoun reagéiert a verschiddene Situatiounen mol méi oder mol manner staark empfindlech. Mee wéi eng Auswierkung kann dat fir eng Persoun hunn, wa si mat engem vun hire fënnef Sënner d'Informatiounen vill méi staark ophëlt an hiert Ëmfeld onefiltert op si aschléit? Am Zesammenhang mat Autismus héiert een dacks vu betraffene Persounen, déi d'Welt iergendwéi „aneschters“ wouerhuelen an ënnert sougenannte „Reiziwwerflutungen“ leiden. Dës Mount wollt mir erausfannen, wéi een Afloss dat direkt Ëmfeld op d'Sensibilitéit vun autistesche Persounen kann hunn. Heivir hu mir mat dräi betraffene Persounen geschwat, déi mol méi mol manner Schwierigkeiten am Beräich vun der Sensibilitéit hunn.

Zudeem huet eis d'Isaline, Psychomotricienne vun der FAL, ënnert anerem erkläert, a wéi enger Hisiicht d'Informatiounsverarbeitung vun de Sënnesandrëck bei autistesche Leit anescht funktionéiert.

D'Joanne huet elo seng eegen Normen

D'Joanne war schonn ëmmer extreem sensibel, an alle Beräicher. Nodeems hat reegelméisseg a „Shutdowns“, Wochen, bannent deenen näischt méi gaangen ass, opgrond vu Reiziwwerflutungen gefall ass, huet hatt sech op Autismus teste gelooss.

FAL: Wéi huet sech däin Ëmgang mat denger Héichsensibilitéit entwéckelt?

Joanne: Éier ech meng Diagnos Asperger-Autismus krut, a sech soumat mäi Verständnis géigenwärt menger Sensibilitéit verännert huet, war et esou, datt ech net wosst, wou meng Grenze sinn. Ech hunn „normal“ wéi déi aner gelieft, hunn dacks

A+

A-

